



Mir hunn an der Kommissioun den Avis vum Statsrot analyséiert a senge Remarque Rechnung gedroen. Och den Avis vun der Chambre des Fonctionnaires et Employés publics hu mir gepréift. An do wéilt ech virun allem ënnersträichen, dass d'Beruffskummer verlaangt, an ech fannen och zu Recht, dass dës Ännerungen, déi mer elo beim Stat virhuelen, och esou séier wéi méiglech am Gemengesecteur sollen ëmgesat ginn.

Et sief och nach gesot, dass dës Ännerungen eng 3.000 Leit betreffen an e Käschtepunkt vun ongeféier 23 Milliounen Euro hunn.

De Rapport gouf an der Kommissioun eestëmmeg ugehall. Als Vertrieeder vun der LSAP wéll ech dann och nach emol heibannen eisen Accord ginn an an engems de Minister Kersch felicitéiere fir dëst Gesetz, wat eng Rëtsch vu Problemer an Ongerechtegkeete léist, déi nach am Statsdéngscht bestinn.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Nächst Riednerin ass d'Madamm Octavie Modert.

Discussion générale

► **Mme Octavie Modert (CSV).**- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV-Fraktioun gëtt hiren Accord zum Gesetz, andeems se de Minister freet, op Basis vum Statsrot senge fundamentalen Umierkungen, ob keen anere System, en Zwëschesystem méiglech gewiescht wär, a mat der Umierkung, datt et 2009 bei de Schoulmeeschteren a bei de Léierinnen eng Contrepartie gi war.

A well ech virdrun e bëssen iwwerzunn hat, wéll ech dat elo guttmaachen. Merci.

(Hilarité)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. An d'Wuert huet elo den Här Gusty Graas.

► **M. Gusty Graas (DP).**- Här President, am Prinzip, wann een eng nei Reform aféiert, da soll se net esou ausfalen, datt déi Leit, déi schonn am System dra sinn, solle Verschlechterunge kréien. An dowéinst ass et och gutt, datt dat Gesetz vun 2015 nach eng Kéier genee op de Leescht geholl ginn ass. Et ass awer och evident, wann een esou e komplext Gesetz mécht, datt dat net kann direkt perfekt sinn. Datt en cours de route natierlech eng Rei Problemer nach optauchen, ass ganz normal. Duerfir fanne mer et och gutt, datt eben elo hei, wéi gesot, eng Revisioun gemaach ginn ass...

(Pleurnichement infantile à la tribune)

...am Interêt vun...

(Hilarité générale et brouhaha)

Ass dat d'Kaz?

(Brouhaha et hilarité)

► **M. Eugène Berger (DP).**- E kënnt übe fir an 10 oder 20 Joer!

► **M. Gusty Graas (DP).**- Et ass vläicht d'Kaz vu virdrun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Also ech mengen, et ass ni ze fréi.

(Hilarité)

► **M. Gusty Graas (DP).**- A wéi gesot, well et sech jo awer hei och ëm 3.000 Leit handelt, fanne mer et also richteg, datt dat Gesetz hei gemaach gëtt. Mir hoffen, datt mer och dee Moment elo all déi sougenannten Ongerechtegkeeten aus der Welt geraumt hunn. An an deem Sënn bréngen ech selbstverständlech d'Zoustëmmung vun der Demokratescher Partei a soen dem Yves Cruchten awer och nach Merci fir seng verschidde Rapporten.

Merci.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. An d'Wuert huet elo d'Madamm Sam Tanson.

► **Mme Sam Tanson (déi gréng).**- Jo, Merci, Här President. Dësen Text schaaft, wéi gesot, eng Rëtsch Ongerechtegkeeten aus der Welt. Dat ass eng gutt Saach. Mir soen dem Rapporteur villmools Merci fir säi Rapport an ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioun.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Kartheiser huet d'Wuert.

► **M. Fernand Kartheiser (ADR).**- Jo, villmools Merci, Här President. Ech mengen, de Rapporteur war esou komplett a sengem wonnerbare Rapport, datt mir als ADR nëmme kënne soen, datt mer domadder d'accord sinn an dëst Gesetz matstëmmen. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci. Den Här Wagner ass drun.

► **M. David Wagner (déi Lénk).**- Merci, Här President. Jo, mir wäerten eis natierlech och uschlëssen. Et si wichteg Verbesserungen. Et därerf een net vergiessen, datt mer awer hei zu Lëtzebuerg an engem Stat sinn, wou iwwer Joreen a Jore Leit eng Aarbecht maachen, déi net deemtspriechend traitéiert ginn an och Rechter hunn, déi net onbedéngt unerkannt goufen iwwert d'Joren, well de Stat eng onméiglech Astellungspolitik huet. An dat mussen dann ebe Leit bezuelen, déi awer ganz wichteg sinn an eiser Gesellschaft.

Voilà. Mä ëmmerhin hu mer haut awer e Fortschrëtt gemaach. Ech soen lech Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. D'Wuert huet de Minister fir d'Fonction publique, den Här Dan Kersch.

Prise de position du Gouvernement

► **M. Dan Kersch, Ministre de la Fonction publique et de la Réforme administrative.**- Merci nach eng Kéier, Här President. Merci och nach eng Kéier un de Rapporteur. Effektiv ass et esou, dass mer hei e politescht Engagement ëmgesat hunn, dass mer eng Rei vun Härtefäll elo wäerten ausschalten, dass mer Sourcë vun Onzefriddenheet, jo souguer vu Posteflucht heimadder kënnen evitéieren, wat u sech fir d'Fonction publique als Ganzt eng ganz gutt Saach ass.

Ech kommen och erëm zrëck op de Prinzip vun der Gläichbehandlung. Déi eng Leit am Stat ginn d'nämlecht behandelt wéi déi, déi virun enger gewëssener Zäit schonn déi nämlecht Behandlung kritt hunn. Dat ass eppes, wat eis och wäert virubréngen.

An da vläicht zur Froestellung. Selbstverständlech hätt ee kënnen no Tëscheléisunge sichen. Mir waren awer der Meenung, dass, wa mer eppes maachen, da maache mer d'Saach direkt richtig.

An op där anerer Säit wéll ech awer och soen, dass ech mech net wéll lancéieren an d'Thematik oder an d'Polemik tëschent der Belaaschtung vun deenen enge Berufssparte par rapport zu deenen anere Berufssparten. Mir brauche se beim Stat alleguerten. An et ass gutt, wann ee wéi deen anere behandelt gëtt. Dat kréie mer heimadder réaliséiert.

A wann een iwwer Contrepartie schwätzt, da kéint ee jo déi laang Joren, wou déi Leit, déi elo eréischt reklasséiert gi sinn, op hire Reklassement hu misse waarden, als een Deel vun der Contrepartie da bezeichnen.

Merci.

(Interruptions sonores depuis la tribune)

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Wat war dat? Hu mer e Spiecht op der Tribün?

► **Une voix.**- An eng Kaz.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Déi sinn net zougelooos.

(Hilarité)

Merci. Da kënne mer zur Ofstëmmung iwwergoen iwwert de Projet 7245.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7245 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo eriwwer.

60-mol Jo. Domat ass de Projet de loi 7245 mat Unanimitéit ugehall.

Ont voté oui: Mmes Diane Aderm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden (par Mme Nancy Arendt), Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gaasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Martine Hansen), Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet (par M. Claude Wiseler);

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusty Graas, Max Hahn, Alexander Kriepe, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer (par M. André Bauler);

MM. Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser et Roy Reding (par M. Fernand Kartheiser);

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber d'accord mat der Dispens?

(Assentiment)

Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

A mir géifen zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet 7160 betreffend d'Meldeflicht vun eenzelne Krankheeten an d'Reglementéierung vun den Tattooen an de Piercingen. D'Rapportrice ass d'Madamm Cécile Hemmen.

4. 7160 - Projet de loi sur la déclaration obligatoire de certaines maladies dans le cadre de la protection de la santé publique et modifiant:

1. la loi modifiée du 29 avril 1983 concernant l'exercice des professions de médecin, de médecin-dentiste et de médecin-vétérinaire;

2. la loi modifiée du 16 juillet 1984 relative aux laboratoires d'analyses médicales;

3. la loi modifiée du 16 janvier 1990 relative aux dispositifs médicaux;

4. la loi modifiée du 8 juin 1999 relative au Collège médical;

5. la loi du jj/mm/aaaa sur les conditions d'hygiène et de salubrité relatives à la pratique des techniques de tatouage par effraction cutanée, du perçage, du branding, cutting, ainsi que du bronzage UV

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports

► **Mme Cécile Hemmen (LSAP), rapportrice.**- Merci, Här President. An dësem Gesetzesprojet geet et drëms, fir de System vun der Iwwerwaachung vun den infektiöse Krankheeten zu Lëtzebuerg ze verbessern an d'Donnéen zentral ze regroupéieren.

Et muss ee wëssen, dass an aneren europäesche Länner e spezifescht a ganz spezialiséiert Institut déi Aufgaben iwwerhëlt. Hei zu Lëtzebuerg sinn et der bis elo dräi, déi dat maachen: den LNS, den nationale Laboratoire mat sengem Departement vun der Mikrobiologie, d'Direktioun vun der Santé fir de Volet vun den obligatoreschen Deklaratiounen an de freieren CRP Santé mam Departement vun der Retrovirologie vum LIH, also dem Luxembourg Institute of Health, deen d'HIV-, d'Riselen- an d'Riedeleninfektiounen recenséiert.

Et muss een och wëssen, dass et heifir bis dato keng legal Basis gouf an dass dës Aarbechten eigentlech op engem Arrangement berout hunn. Zanter 2004 ass Lëtzebuerg och gehalen, fir d'Donnéen un den European Centre for Disease Prevention and Control weiderzegeen, an dat opgrond vun engem europäesche Reglement.

D'Gesetz vun 1983 iwwert den Doktescherberuff zesumme mam spezifesche Reglement, wat déi infektiös an ustiechend Krankheete festgehalten huet, ware bis elo déi legal Basis, opgrond vun där d'Dokteren hir Fäll sollten deklaréieren. Et geet och net méi duer, dass just d'Analyse vun engem Laboratoire de microbiologie considéiert ginn, mä d'Spidolslabo an och soss Privatlaboer hu wäertvoll Donnéen, déi och zum Gesamtbild vun der nationaler Situatioun bäidroen.

An deem Sënn ass d'Gesetz 7160 de 25. Juli 2017 deposéiert ginn, zesumme mat den Avisa vum Collège médical, vun der Commission consultative des laboratoires a vun der Commission nationale pour la protection des données.

Den éischten Avis vum Statsrot, dee kouw nom Depot am September d'lescht Joer an d'Santés-kommissioun, an am Oktober ass dunn ugefaange ginn, um Text ze schaffen. Mir hunn an eelef Sëtzungen zweemol eng Serie vun Amendementer un de Statsrot virugereecht an nom zweeten Avis complémentaire ass de Rapport dunn den 3. Juli eestëmmeg an der Kommissioun ugehall ginn.

Wéi scho gesot, geet et hei virun allem drëms, fir d'Populatioun beschtméiglech géint d'Verbreede vun ustiechenden a soss infektiöse Krankheeten ze schützen. An dat geet och nëmmen, wann déi Krankheete schnellstméiglech deklaréiert ginn.

Eng national definéiert Ulafstell, an dësem Fall d'Gesondheitsdirektioun, soll dann och d'Iwwerwaachungsfunktioun iwwerhuelen. Och solle Referenzlaboer designéiert ginn, fir net nëmmen déi Krankheetserreger ze analyséieren an zesummenzedroen, mä si sollen och d'Direktioun vun der Santé assistéiere fir alles, wat ufält u wëssenschaftlechen Experten am Hibleck op déi international Ufuorderungen u Lëtzebuerg.

De Statsrot hat e puer Oppositions formelles ausgedréckt, esou zum Beispill, wat déi feelend Base légale vum Conseil supérieur des maladies infectieuses ugeet. Deem ass Rechnung gedroe ginn an den Artikel 1 verankert deemno de Conseil supérieur fest am Gesetz mat senge Missiounen, zum Beispill fir en Avis ze ginn zu alle Froe ronderëm déi ustiechend Krankheeten a fir op eegen Initiativ Moosssnamen a Verbesserunge virzeschloen, fir präventiv oder awer am Kampf géint dës Krankheete virzegoen. Och gëtt d'Opstellung vun dësem Gremium festgehalten, grad ewéi den Hiwäis, dass e Reglement wäert de Funktionement definéieren.

Wat d'Delaien elo ugeet vun den Deklaratiounen vun den infektiöse Krankheeten, esou sinn dës ënnerschiddlech a si ginn och deemtspriechend esou am groussherzogleche Reglement festgehalten.

Wat elo d'Modalitéite vun der Deklaratioun ugeet, esou steet am Gesetzestext, dass sämtlech individuell Donnéeën müssen op der Deklaratioun drop sinn, déi un d'Autorité sanitaire weidergereecht gëtt, wéi zum Beispill den Numm, de Virumm, d'Adress grad ewéi de Sexe vum Patient an natierlech och déi medezinnesch Diagnos, den Datum vun den éischte Symptomen, den Datum vun der Diagnos an, wa se bekannt ass, natierlech och d'Quell vun der Ustiechung.

A groussen Zich gëllen dës Modalitéiten och fir sämtlech Laboratoiren, wou nieft der Identitéit vum Patient och d'Detailer iwwert de Prélèvement musse weidergereecht ginn. Am Fall, wou eng ustiechend Krankheet eng imminent Gefor géif duerstelle fir d'Bevëlkerung, seet d'Gesetz, dass d'Deklaratioun direkt an ouni Delai misst gemaach ginn, ob Dag oder Nuecht, iwwer Téléphone oder iwwer all méigleche Kommunikatiounswee.

Wat d'Laboratoiren ugeet, esou sollen déi alleguerte ganz enk mat den nationale Referenzlaboratoiren zesummeschaffen. Wéi séier wéi eng infektiös Souchen an de Referenzlabo solle weidergeleet ginn, ass och am Reglement festgehalten.

D'Referenzlaboer, déi fir déi spezifesch Souchen zoustänneg sinn, gi vum Gesundheitsministère designéiert an op eng Zäitdauer vu siwe Joer festgeluecht. D'Unzuel vun de verschiddene Fäll vun ustiechenden Krankheete gëtt och public gemaach, sief et op den Internetsitten oder awer an de Statistiken. Am Memorial wäert een dës Informatiounen awer net méi erëmfannen.

Wie sech net un d'Obligatioun vun der Deklaratioun hält, muss mat Sanktiounen rechnen. An déi finanziell Strofe verduebele sech souguer, wann et bannent zwee Joer eng Recidive sollt ginn.

An dësem Gesetz gëtt dann och eng legal Basis geschaaft, fir d'Schnelltester fir déi sexuell iwwerdrobar Krankheeten an och den Aids ze kommerzialiséieren.

Fir ganz komplett ze sinn, wéilt ech nach kuerz drop hiweisen, dass vun dësem Gesetzestext profitéiert gëtt, fir eng kleng Ännerung virzehuelen, wat d'Gesetz vun dem Beruff vun den Dokteren ugeet. Et gëtt nogeholl, dass d'Psychotherapeuten och direkt un den nächste Wahle vum Collège médical kënnen deelhuele, wa se bannent sechs Joer nom Gesetz vun 2015 hir Autorisation d'exercice kritt hunn.

Och ginn e puer kleng materiell Feeler a puncto Referenze verbessert, wat d'Gesetz iwwert den Tatouage ugeet, wat och am Kader vun dësem neie Gesetz modifizéiert gëtt, souwéi och d'Gesetz iwwert d'Dispositifs médicaux, fir d'Base légale ze schafen, déi et erméiglecht, d'Benotze vun engem Dispositif médical un eng Formatoun ze bannen.

Voilà, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, dat ass dat Wichtegst, wat ech elo zu dësem Gesetz ka soen. Et ass e gutt an e wichtegt Gesetz am Sënn vum Schutz vun eiser Bevëlkerung, an ech gi mat Freed den Accord vu menger Fraktioun a soe Merci fir d'Opmierksamkeet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.**- Merci och. An d'Wuert huet elo d'Madamm Martine Mergen.

Discussion générale

► **Mme Martine Mergen (CSV).**- Merci, Här President. Ech huelen d'Wuert dann och mat Freed un, andeem ech och direkt der Madamm Rapportrice Merci soe fir hire ganz ausféierleche schrëftlechen a mëndleche Rapport.

Wéi se scho sot, hält dëst Gesetz eppes no, wat eigentlech iwwer 15 Joer schrecklech vernoléis-



segt ginn ass, nämlech d'Adaptatioun vun de meldeflichtege Krankheeten, an et definéiert dann och, wann och mat engem Règlement grand-ducal, wie wéini wat wou ze mellen huet, well d'Meldeflicht, déi hu mer jo eigentlech schonn ëmmer.

Wéi ech ugefaangen hunn, hei zu Lëtzebuerg als Dokter ze schaffen, dunnt hunn ech an engem Tirang a mengem Service e verstëbsten Bichelche fonnt mat Souchen, mat deenen den Dokter bestëmmte Krankheete sollt mellen. Dat louch schonn do säit der Grënnung vum CHL, 15 Joer virdrun! An et waren awer keng 500 Souchen, et waren der just eng 100, an et war awer net vill ausgefüllt ginn.

Ech hunn dann och emol hei an do eng Gonorrhée oder eng Syphilis gemellt. Mä wat mat deenen Date geschitt ass, dat wouste mer net, dat wouste eigentlech keen.

Ënner ons Dokteren ass et och ëmmer méi kloer ginn, dass eigentlech kee sech esou richtig vun déi Meldeflicht gehalen huet. Ons war an ass et eben ëmmer méi wichteg, onse Patient ze behandelen.

Elo hält d'Madamm Minister en neien Ulaf an et ass ze hoffen, dass mer elo e kohärenten, zentraliséierte Meldesystem kréien, dass mer och hei am Land endlech eng kloer Vue iwwert dat kréien, wat et hei esou vun ustiechende Krankheete gëtt.

Ech hu schonn oft op dëser oder op aneren Tribüne gesot, dass et einfach e Wahnsinn ass, dass mir hei am Land Gesondheetspolitik maachen, ouni de Gesondheitszoustand vun onser Bevëlkerung ze kennen. Dat lescht Wäissbuch, wann ech mech richtig erënneren, dat war ënner dem Johnny Lahure erauskomm. Dat hat deemools awer mat deenen Donnéeën, déi zur Verfügung stoungen - an et war virun der digitaliséierter, informatiséierter Zäit - eng zimlech gutt Vue globale iwwert de Gesondheitszoustand vun onser Populatioun ginn.

Säithier si fragmentaire lues a lues verschidden Domänen opgetaucht. Sou hu mer haut zum Beispill eng gutt Iwwersiicht iwwer all d'Kriibserkrankungen am Land, fir dat hei als Beispill ze ginn. Mä et sinn awer trotzdeem ëmmer nach Puzzlestécker an eng Vue globale feelt.

Elo ass et dann haut un den iwwerdrobare Krankheeten. Déi eenzeg, wou mer schonn en zimlech gudden Iwwerbléck hunn, dat si SIDA, d'Hepatitis an d'Maladies sexuellement transmissibles, dat net zulescht dank dem Asaz vun enger Rei ONGen, déi um Terrain tätig ware scho säit laange Joren an déi haut am Comité de surveillance vum Ministère d'Donnéeën zummendroen a se och all Joer publizéieren.

Säit der Zäit vu mengem Carnet à souches si bei de meldeflichtege Krankheeten der eng Rei derbäikomm. Dat sinn déi, déi mer alleguerte fäerten: d'Vullegripp, de SARS, Ebola an esou virun, déi mat iergendengem Flier zu iergendenger Zäit, an enger Zäit, wou mer grenzelos mobill sinn, an d'Land kënnen erabruecht ginn. Hei brauche mer déi schnell Reaktivitéit. Duerfir dierf een dann och - an dëse Fäll nëmmen - Dag an Nuecht sech iwwer Telefon mellen. Ech weess just nach net esou präzis, wien dann eigentlech elo den Telefon ophieft, an ech huelen un, dass mer dat awer nach gewuer ginn. Deen, den den Telefon unhëlt, dee ka souwisou dann och net méi weiderschlofen.

Fir déi Krankheeten, déi net mussen iwwer Telefon gemellt ginn: Also entweder no engem Dag oder no fënnef Deeg muss d'Meldung eraus sinn. Wat ons awer nach feelt, dat ass de Règlement grand-ducal mat deem Formulaire, den den Dokteren an de Laboen zur Verfügung wäert stoen. Mir hoffen, dass dat ënner enger informatiséierter Form kënnt, also esou, dass een en direkt kann ausfüllen a fortschicken. Da vergësst een et net, och wann d'Sanktiounen, déi ee strofen, wann een et vergësst, vu 25.000 op 250 Euro erofgesat gi sinn am Verlaf vun den Debatten an onser Kommissioun.

Mir hoffen awer och, dass d'Informatiounen iwwert déi nei Form vu Meldeflicht grëndlech an esou séier wéi méiglech an den Dokteren hirer Praxis landen. Well de Mangel un Informatioun an der Vergaangenheet huet sécher dozou bäigedroen, dass de Meldefläiss dee war, den e war. Mir wiere frou, wann d'Ministesch ons géif do opklären. Mir begrëssen och, dass de Conseil supérieur des maladies infectieuses, dee säit laange Joren eng wichteg an eng gutt Aarbecht an dësem Zesummenhang leescht, eng legal Basis kritt.

Här President, Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll nach ganz kuerz op d'Verschwanne vum Asterisk agoen. Do hu mer och laang an der

Kommissioun driwwer diskutéiert. Et war jo esou virgesinn, dass d'Maladies sexuellement transmissibles, nodeem de Statsrot d'Lëscht kritt hat, sollte mat engem Asterisk anescht behandelt gi wéi aner Krankheeten. Dat ass an der Vergaangenheet och de Fall gewiescht, nämlech nëmme mat den Initiale vum Patient.

Mä mir stellen ons awer hannernt d'Verschwanne vun deem Asterisk, fir dass all meldeflichteg Krankheete gläichbehandelt ginn. Well d'Zentraliséierung vun deenen Donnéeën ass jo keen Trockentraining an et gëtt net nëmme gemaach, fir dass mer besser Statistiken hunn oder dass mer besser mat der europäescher Agence fir Disease Control kënnen zesummeschaffen. Et muss och a virun allem eng positiv Konsequenz fir den eenzelne Patient hunn. Duerfir schéngt et mir immens wichteg, dass déi Donnéeën nominell sinn, net nëmme fir dass keng Doubelonen an d'Statistike kommen, mä och fir als Labo oder souguer Labo de référence déi eenzel Fäll an hir Ofleef kënnen ze iwwerwaachen, zesumme mat der Direktioun vun der Santé an den Dokteren.

Ech soen lech e Beispill: Ech hat eemol nuets e Patient, vun deem mer klinesch ugeholl haten, dass en eng uerg ustiechend Krankheet hätt, vun deem mer awer wousten, dass en der Prostitutioun géif nogoen. Deemools sinn et nach keng Schnellteste ginn. A wéi mer ons Resultater haten, dunnt hat de Patient sech aus dem Stëbs gemaach, soudass mer net nëmmen hien net konnte behandelen, mä dass mer och hu mussen dovunner ausgoen, dass a mat senger berufflecher Tätigkeet nach eng jett Clienté konnt ustiechen.

De Sënn vun den Testen, déi mir mat onse Patientie maachen, ass éischters, fir eng eventuell existéierend behandelbar Krankheet kënnen ze behandelen, ma awer och fir d'Ëmfeld vum Patient ze schützen, andeem mer dem Patient matdeelen, wéi e sech muss verhalte mat senger Krankheet, fir dass e se net weidverbreit.

Mir kënnen elo an Zukunft eng akut Gefor kennen - hoffentlech zur Zäit - a mir kënnen reagieren. Ech hu mech allerdéngs gefrot, firwat déi latent Tuberkulos op der Lëscht ass. Ech huelen un aus reng epidemiologeschen Ursachen, well et huet keng direkt Konsequenz fir de Patient. Si ass net ustiechend an et wäert eng ganz grouss Quantitéit vu Meldungen ze maache ginn.

A mengem Service, wou ech schaffen a mengem anere Liewen, wou mer bei all neiem Patient eng Serologie, eng Rei Teste maachen, hu mer entre-temps drop verzicht, latent Tuberkulosen ze rezensieren, well et kee prakteschen Nährwert huet. Mä ech huelen un, dass d'Gesondheitsministesch mer do kann eng Erklärung ginn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, d'CSV-Fraktioun begrësst dëst Gesetz als wichtige Baustee vun enger besserer Approche fir eng richtig Santé publique hei an onsem Land. An duerfir ginn ech gären den Accord vun onser Fraktioun.

Merci, Här President.

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*. - Merci och. An nächste Riedner ass den Här Edy Mertens.

► **M. Edy Mertens** (DP). - Merci, Här President. Här President, fir d'Éischt wëll ech emol der Kollegin vu virdru Merci soen, dem Martine Mergen. Ech hat geduecht, ech wier den Eenzege, den déi Krankheeten net méi gemellt hätt. Mä virun 32 Joer hunn ech och esou e Bichelche bestallt an ech weess net méi, wou et läit. Et waren net allze vill Blieder dran. Mä wéi ech dunnt awer op eemol en Hiwwel Kanner mat Riselen hat an dunnt och nach eng Epidemie zu Cliärréf mat Riedelen, dunnt hunn ech et oppginn, well déi Souchen, déi ware ganz einfach zu Enn an et huet do och a sech kee sech méi gemellt. An ech hat Kollege gefrot: „Mells de dat regelméisseg?“ Mea culpa, ech war och dobäi, ech hu se och net gemellt a si frou, datt mer haut iwwert dat heite Gesetz schwätzen.

Et gëtt jo dacks gesot, wann am Ausland d'Niesche bis ufänke géif mat lafen, da géif et net méi allze laang daueren, bis hei am Land gehouscht géif ginn. Dat ass och esou, well wann am Ausland zum Beispill eng Grippewell ausbrécht, dann dauert et net méi laang, bis se och hei op Lëtzebuerg kënnt. D'Grënn dofir, déi kennt Der allegueren. Mir sinn eng Gesellschaft, déi vill dorëmmer wandert, déi vill méi mobill gouf. D'Leit gi vill an d'Vakanz. Si schleefen allméiglech Erreger mat.

Da vergiesse mer dat, wou awer eise Ministère ëmmer erëm drop pocht a ganz vill Plakater opgehaange ginn: datt mer eis d'Fangere solle wäschen, wat vill Leit natierlech och net maachen. Da begrësst een den aneren a schonn huet een et. Am Supermarché sti mer beienee a mir kucken, wat fir eng Banann déi mëllt ass, an et houscht een deem aneren an d'Gesicht,

do kënnen mer dann eng Meningite afänken, an esou virun.

An d'Kanner an de Schoulen, dat si Poole ginn, wou bis zu 400, 500 Kanner beienee sinn, wat fréier net esou war. Do war een op sengem Duerf an all Duerf hat esou seng Unitéit. An do war et selten, datt ee mam Rad emol eng Kéier e Bësse méi wäit am Kanton gefuer ass. Nujee, déi ganz Geschichten hu sech net esou séier ausgebreit. Mä wann et lassgeet, da kann et awer ganz, ganz séier goen. A wann et op der Wemperhaart den Duerchfall gëtt, dann ass e geschwënn och zu Rodange, Péiteng an esou virun.

(Hilarité)

Dëst Joer war et jo erëm besonnesch schlëmm mat der Grippewell. Quasi ganz West- a Süd-europa war vun där Grippenepidemie betraff. D'Wartesäll ware voll. D'Doktere si bal net méi nokomm mat Verschreibungen a mat Krankmeldungen. A wann esou eng Grippewell op een duerkënnt, dann ass et wichteg, datt ee sech och kann drop vibereeden. Ouni fiabel Donnéeën, an dat gouf virdru vun der Madamm Mergen och schéi geschildert, geet dat net. D'Unzuel vu Kontaminatiounen muss anstänneg erfaasst ginn. Et muss ee wëssen, mat wat een et ze dinn huet, fir duerno kënnen anstänneg drop ze reagieren.

Dat ass net nëmme fir de Grippevirus de Fall, mä och fir all anert ustiechend Geschir. Ech denken dobäi zum Beispill un d'Tuberkulos, déi ëmmer erëm vergiess gëtt, awer guer net esou selten ass an erëm opblitt, awer och zum Beispill un déi Geschicht vun de Salmonellen. Dat wësse vill Leit net, datt een d'Salmonellen net nëmme kritt, wann een iergendeppes Faules ësst - eng Mayonnaise, déi an der Sonn stoung, Eeër, déi ofgelaf sinn oder waarm gouden, oder soss iergendeppes -, neen, si sinn och iwwerdrobar vu Mënsch zu Mënsch.

Ech ka mech do erënneren un en Déngscht, den ech hat, dat sinn och ewell bal 30 Joer hier, am Kanton Cliärréf, do hat eng Gemeng gefeiert. An ech hat do sonndes Déngscht. An dunnt op eemol sinn ech mëttes geruff ginn, an dat war guer net esou einfach, bei eng Famill, wou zwee Kanner krank waren. Deen ee Bouf, den hat zéng Joer, den hat ewell zimlech esou gefuebelt, wouste net richtig, wou e wier, hat eng steif Nuque. Ech hat allméigleche Verdacht, mä déizäit, wéi gesot, do war een „allein auf weiter Flur“. Deen zweeten, den hat Bauchkrämp derbäi a schrecklechen Duerchfall an huet sech och iwwerginn. Si hu gefrot: „A wat soll dat dote sinn?“ Bis dunnt op eemol no laangem Froen: „Wat kann dat sinn? Waart Der dann néierens?“, d'Mamm gesot huet: „Ma mir hate just gëschter dat Fest hei vun der Gemeng, wou mer waren.“

An du gong et lass. Dunn hat den Telefon geschellf. Dat war deemools esou, datt déi Leit, déi der doheem den Telefon gemaach hunn, der hu mussen notelefonieren. Dat war fir geckeg ze ginn: „Du muss och nach dohin! Dee kënnt net méi vun der Toilette, den iwwergëtt sech déi ganzen Zäit.“ Deen anere war schwaachgefall. „A wat ass dann hei nëmme lass? Soll dat da wierklech dovunner sinn?“

Et war och esou. A relativ rapid hat ech dunnt erausfonnt, wat et war. Et war nämlech een aus der Gemeng, den hat et gutt gemengt, dee gong op Èttelbréck an den Abattoir dat Schwéngchen do siche fir op de Spiiss. Mä en hat awer bei engem, den och eng Kéier hei am Haus Deputéierte war, eng Paus gemaach, fir e Patt drénken ze goen, an do hat en den Auto an der praller Sonn stoe gelooss, wou d'Schwéngchen hannen an der Mall war. An d'Resultat hat ech lech jo elo verzielt. Et war katastrofal. Do waren der derbäi, déi louche wierklech bis zu 14 Deeg doheem an hate sech net méi op d'Aarbecht getraut.

Ech hat ëm Hëllef gefrot. Ech hat selbstverständlech iwwerallhin telefonéiert. An ech krut awer no zéng Deeg - ech hunn et ni vergiess, ech hunn et nach doheem - de Bescheid aus dem Veterinärlaboratoire, well ech de Rescht vun deem Schwéngchen dohinnergeschéckt hat: „Edy, elo weess ech, wat et war, et war eng Salmonella Typhimurium Stamm 63.“ D'Spezialiste sëtzen hei, ech weess et net genee. An du war ech getréischt. An an den anere Laboratoire hunn ech ëmmer erëm telefonéiert: „Wat soll ech da maachen? Wat kann ech dann nach maachen? Ech ka se jo net allegueren elo hospitaliséieren.“ An do krut ech ëmmer gesot: „Ma si mussen esou laang sch..., bis et eriwuer ass. Da kuck, datt se genuch drénken!“

(Hilarité)

Dat hei ass eng ganz wichteg Saach, déi mer haut stëmmen. An ëmsou méi wichteg ass et, datt mer éischters fiabel Donnéeën, wa se aus dem Ausland kommen, kréien, wann erëm eppes am Anzug ass, an datt mer zweetens

dann och hei am Land e Kader schafen, fir d'Infektiounskrankheete systematesch ze deklaréieren an, wéi virdru gesot gouf, ze dokumentéieren. Dorëms geet et bei dësem Gesetz.

ler ech et awer vergiessen, wëll ech dann elo direkt der Madamm Rapportrice, der Madamm Cécile Hemmen, Merci soe fir hire ganz ausféierleche mëndlechen a schrëftleche Rapport. Esou wéi mer et vun hir gewinnt sinn, ass si ewell ganz gutt op déi eenzel Dispositiounen vun deem Gesetzesprojet agaangen. Ech wëll elo net méi alles widderhuelen, wat meng Virriedner gesot hunn. Ech erlabe mer dowéinst, just op e puer Punkten zrëckzekommen, déi awer an eisen Aen net onwichtig sinn.

Bei dem Gesetzesprojet 7160 geet et, wéi gesot, ëm d'Schafe vun engem legale Kader fir obligatoresch Deklaratiounen vu verschiddene Krankheeten. Mat dem Prinzip vun esou engem Gesetz kann ee méi wéi averstane sinn. Et gouf Zäit, datt d'Gesetzter vun 1983 iwwert d'Praktizéiere vun den Doktere respektiv 1984 iwwert d'Laboen nach eng Kéier an deem Sënn op de Leescht geholl gouden.

Et ass net esou, wéi wann an de Jore virdrun, wéi gesot, näischt an deem Beräich geschitt wier. D'Aufgab, fir Infektiounskrankheeten ze mellen, war hei am Land, wéi virdru gesot gouf, op dräi ënnerschiddlech Instituter verdeelt. Jee no Infektioun a Krankheet war et entweder den LNS, de Laboratoire national de santé, d'Direktioun vun der Santé oder de Labo vum Luxembourg Institute of Health, den zoustänneg war. Dës Opdeelung hat allerdéngs just op engem Arrangement tëschent den Akteuren berout. Et gouf also kee gesetzleche Kader oder eng ministeriell Decisioun, fir dat esou ze maachen. Déi ënnerschiddlech Servicer hunn dat ënner sech opgedeelt.

Mat dësem Gesetz geet et elo an Zukunft anescht. Esou wéi vill aner europäesch Länner kritt elo och Lëtzebuerg en zentraliséiert Iwwerwaachungsorgan fir infektiéis Krankheeten. D'Direktioun vun der Santé kritt elo de Rôle, fir déi disponibel Donnéeën iwwer ustiechend Krankheeten ze regroupéieren an derfir ze suergen, datt d'Dokteren an d'Laboen hirer Pflicht nokommen, fir déi Donnéeën dann och weiderzeginn.

Den Artikel 2 vum Gesetz hält d'Beschreibung vun de Krankheeten, déi een an Zukunft muss mellen, relativ vag. Dat ass awer wahrscheinlech esou gewollt, well déi genee Lëscht vun de Krankheete soll jo eréischt an engem Règlement grand-ducal festgehalde ginn. Wéi esou dacks maachen d'Règlement-grand-ducallen d'Musek. Mir hunn awer do vollst Vertrauen an de Ministère.

D'DP begrëisst och ausdrécklech, datt dat Règlement net nëmmen en Delai virgesäit, wéini ee muss eng Deklaratioun maachen, mä virun allem, datt den Delai, fir déi obligatoresch Deklaratioun ze maachen, och vu Krankheet zu Krankheet ënnerschiddlech ass. Et ass nun eemol net alles d'selwecht dréngend, wéi virdrun d'Madamm Mergen gesot huet. Et gi Fäll, déi si ganz dréngend, déi een direkt muss mellen - Hirnhautentzündungen oder aner schwéier Krankheeten -, mä fir déi aner ass et awer net esou dréngend.

Den Text gesäit och vir, wéi eng Donnéeë genau den Dokter oder de Labo da muss virginn. Dat geet vum medezineschen Diagnostic iwwert den Datum vun den éischte Symptomer, d'Land, wou ee sech infizéiert huet, an esou virun. Mä och den Numm, d'Adress an d'Geschlecht vun der Persoun gëtt un den Direkter vun der Santé geschéckt. Dat sinn natierlech ganz sensibel Donnéeën. Den Datenschutz muss do groussgeschriwwen ginn. Et dierf net sinn, datt d'Identitéit vu Persounen an der Effentlechkeet breetgetréppelt gëtt. Et muss ee ganz delikat mat deene sensibelen Donnéeën ëmgoen. Dat ass menger Fraktioun ganz besonnesch wichteg an dat versteet och all Mënsch.

Ech mengen, wa meng Nues drëpst an ech gi virun d'Dier, da gesäit all Mënsch, datt ech de Schnapp hunn. Mä et sinn awer Organer, déi verstoppt sinn, wann déi ufänke mat drëpsen, da wëll ech net onbedéngt, datt den Noper an ech weess net wie weess, mat wat ech dorëmmer ginn a mat wat ech geplot sinn.

Et geet och rieds iwwert d'Aart a Weis, wéi déi Donnéeë sollen un déi zoustänneg Autoritéit iwwermëttelt ginn. Gewéinlech geet dat jo iwwert den elektronischen Wee, iwwer Fax oder iwwer Post. Falls et awer, an dat ass och ewell gesot ginn, ganz dréngend an noutwendeg ass, da muss een d'Deklaratioun direkt ouni Delai iwwer Telefon maachen, sief dat während dem Dag oder während der Nuecht. Dat ass de Fall, wann et sech wierklech ëm eng Gefor fir d'Santé publique handelt.

Mir hunn eis awer genau wéi d'Madamm Mergen elo gefrot, wien do an der Direktioun vun der Santé den Telefon an der Nuecht mécht.



Ass do een, dee siwen Deeg op siwen Deeg, 24 Stonnen op 24 eng Garde mécht? Kann een dat net eventuell och an der Nuecht iwwert den 112 lafe loossen?

D'Madamm Ministesch wäert vläicht eppes dozou soen. Dat ass awer just eng kleng Randnotiz. Vläicht stinn och weider Detailer an dem Règlement grand-ducal.

Här President, alles an allem ass dat heiten e gutt Gesetz. Mir schafen e Kader, fir an Zukunft méi systematesch a méi koordinéiert un déi Matière erunzegoen. D'Madamm Rapportrice hat et gesot: D'Präventioun, de Screening, d'Iwwerwaachung an de Suivi vu Kontaminatione gi mat deem Projet de loi verbessert. An aus all dese Grënn stëmmt d'DP fir dëst Gesetz.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An nächst Riednerin ass d'Madamm Josée Lorsché.

► **Mme Josée Lorsché (déi gréng).** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, am Joer 2018, wat jo nach net eriwwer ass, hunn d'Riedelen a Frankräich schonn dräi Doudesafere gefuerdert. Dat drëtt Affer war eng jonk Fra vu 17 Joer, déi d'lescht Woch un de Suitee vun den neurologesche Komplikatiounen vun där Infektioun gestuerwen ass. Dës Noricht kouw virun e puer Deeg vun der Agence de santé régionale vun der Nouvelle-Aquitaine.

Dir Dammen an Dir Hären, datt verschidden Infektiounskrankheete liewensgefäerlech sinn an nieft de sozialen an ekonomesche Konsequenze virun allem vill mënschlecht Leed an Doudesfäll mat sech zéien, wësse mer am Fong alleguer. Mä richtig bewosst gëtt engem de Problem eréischt, wann ee mat konkrete Fäll wéi deem vun där jonker Fra konfrontéiert gëtt.

Konkret Fäll vu liewensgefäerlechen Infektiounen an domat verbonnene Stierfäll ginn et der Dausenden, dëst och an der Europäescher Unioun, obschonn ee kéint mengen, eis héich spezialiséiert Medezinn wier esou entwéckelt, datt Infektiounen verhënnert oder zumindest op e Minimum reduzéiert kënnen ginn.

Wéi wäit mir dovun ewech sinn, weisen d'Zuelen, déi kierzlech vun der Weltgesundheitsorganisation publizéiert goufen. Eleng an der EU waren am Joer 2016 méi wéi 160.000 nei Fäll vun HIV-Infektiounen ze verzechnen. 15 Milliounen Mënsche si mat chronischer Hepatit B a 14 Milliounen Mënsche mat Hepatit C infizéiert. An all Joer stierwen ongeféier 10.000 Kanner ënner véier Joer un enger Infektioun mam extrem gefäerlechen Rotavirus. Derbäi kommen ëmmer nach nei Fäll vu Riedelen a Riselen, esou zum Beispill an Däitschland, wou am Joer 2017 dräimol méi Fäll vu Riedelen ze verzechnen ware wéi nach am Joer virdrun.

All dës Zuele sinn alarmant a féieren zu enger wichteger Konklusioun. Et ass notament déi, datt d'Präventioun muss verstärkt ginn an datt se esou fréi wéi méiglech muss ufänken, am klengsten Alter, jiddefalls um Niveau vun deenen Infektiounen, déi duerch Eegeschütz verhënnert kënnen ginn, wéi ebe grad Aids, Hepatit an d'Infektiounen mat Salmonellen, fir nëmmen déi ze nennen.

Relevant ass eiser Meenung no, datt d'Kanner scho fréi musse léieren, Verantwortung fir sech a fir hire Kierper ze iwwerhuelen an domat och Verantwortung fir de Kierper vun hire Matmënschen. Si müssen am klengen Alter léieren, datt d'Medezinn keen Apparat ass, deen all Krankheet vun hinnen ewechhält, mä datt si selwer müssen dozou bäidroen an hir Gesondheet zu engem gudden Deel selwer an d'Hand müssen huelen.

Domat kommen ech bei d'Gesondheetserzéiung an de Schoulen, déi eiser Meenung no massiv verstärkt muss ginn, net nëmmen zu Lëtzebuerg, mä generell. An deem Sënn plädéiere mir derfir, datt de Service vun der Médecine scolaire ausgebaut gëtt a méi Ressourcen zur Verfügung gestallt kritt, well nëmmen da kann dee Service mat héich kompetente Leit an d'Schoule kommen, oft präsent sinn an eng aktiv Roll an der Gesondheetserzéiung spillen an domat och an der Präventioun.

Esou wichtig et ass, Dir Dammen an Dir Hären, d'Schoulkanner all zwee Joer op eng Wo oder bei e Meter ze stellen an ze kontrolléieren, ob se keng Plattféis oder Skolios hunn, esou geet et mat där passiver Kontroll awer längst net duer. D'Kanner si méi wéi en Auto, deen all puer Joer duerch de Contrôle technique muss geschleift ginn. Si si léierfäeg a musse léieren, wéi se sech an anerer am beschte virun Infektiounen kënnen schützen. A firwat net driwwer nodenken, de Schoulen Infirmières pédiatriques oder Infirmières pédiatriques zur Verfügung ze stellen, fir eng educativ Missioun an deem Beräich ze iwwerhuelen an de Schoulen

an an de Betreuungsstrukturen, net nëmmen fir d'Kanner ze eduquéieren, mä och d'Personal, wat do schafft?

Enk mat der Präventioun verbonnen ass natierlech och d'Gesetzgebung - déi hei gutt erkläert ginn ass vun der Madamm Hemmen an duerfir wéilt ech hir och Merci soen! - a si muss derfir suergen, datt d'Evolutioun vun de gefäerlechen Infektiounskrankheete konsequent iwwerwaacht gëtt an datt all Informatiounen, déi néideg sinn, gesammelt an zentraliséiert ginn, wat momentan zu Lëtzebuerg am Géigesaz zu anere Länner nach net de Fall ass. Momentan ass et jo esou, datt dräi Institutiounen duerfir zoustänneg sinn, och dat ass scho gesot ginn - den LNS, den LIH an d'Direktioun vun der Santé -, während d'Dokteren obligéiert sinn, verschidden Infektiounskrankheeten ze mellen.

Allerdéngs ass dese System net perfekt an huet, wéi gesot, och keng legal Basis. Et gëtt also e gudder Grond, fir e Gesetz ze maachen an nozebesseren.

Wat och feelt zu Lëtzebuerg, ass déi wëssenschaftlech Analys vun den Infektiounen. An eisen Ae geet et wierklech net duer, statistesch Material opzustellen, wann dëst Material net analyséiert an interpretéiert gëtt, fir déi néideg Konklusiounen doraus ze zéien a Konsequenzen ze zéien, op wéi ee Wee ee soll goen, fir d'Situatioun ze verbesseren.

Mat deem Projet de loi wäert dat sech dann zum Positiven hin änneren. E féiert souwuel zu enger zentraliséierter Iwwerwaachung wéi och zu der Kontroll, ob déi obligatoresch Deklaratioun effektiv stattfënnt, mat der strenger Penaliséierung vun deenen, déi dat ënnerloossen. Donieft gëtt och endlech Kloerheet geschafen um Niveau vun den zoustännege Laboren, de Laboratoires de référence, déi d'Pathogenees analyséieren an der Gesondheitsdirektioun mat wëssenschaftlecher Expertise zur Säit stinn. Och dat ass e wichtige Volet vun deem Gesetz.

A schlussendlech begreisse mir als Gréng ganz staark, datt de Conseil supérieur des maladies infectieuses am Gesetz verankert gëtt. Dëst ass en onofhängege wëssenschaftleche Gremium, deen zoustänneg gëtt, fir Avisen ofzeginn, mä net nëmmen. E kritt och d'Kompetenz, präventiv Moosnamen auszeschaffen, also ganz genee dat, wat mir als Gréng als extrem wichtig fannen, well d'Präventioun den A an O vun all Gesondheitspolitik muss sinn.

En anere wichtige Volet, deen ech nach wéilt ervirstärken, betrëfft de Schutz vun de perséinlechen Daten. D'Deklaratioun vun Infektiounen dierf net dozou féieren, datt Betreffener stigmatiséiert ginn. Hir Nimm müssen an der Anonymitéit bleiwen. Et muss alles derfir gemaach ginn, datt et an eisem System dozou kënnt, datt d'Infektiounen verhënnert ginn, ouni datt ee stigmatiséiert gëtt.

Domat ginn ech den Accord vun der grénger Fraktioun a soe Merci fir d'Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Dann huet den Här Marc Baum d'Wuert.

► **M. Marc Baum (déi Lénk).** - Merci, Här President. Och mir stëmmen dat heite Gesetz mat. Et ass e Gesetz, wat absolutt Sënn mécht a vläicht och schonn iwwerfällg ass. Et geet ëm d'obligatoresch Deklaratioun vun infektiöse Krankheeten. Et geet drëm, datt déi Donnéeën, déi do zustane kommen, gesammelt ginn an datt virun allem doduerch och Mëttele geschafe ginn, fir präventiv kënnen ze schaffen.

Eis, mengen ech, alleguerten an der Kommissioun war och dee Volet vum Dateschutz relativ wichtig, datt et drëm geet, Leit eben net ze stigmatiséieren. Dat ass eng ganz wichtig Erausforderung an deem Ganzen, gradesou wéi mer et och als Lénk ganz staark begreissen, datt dee Conseil supérieur des maladies infectieuses elo zustane kënnt an eng gesetzlech Basis kritt. Do war ee Moment nom éischten Avis vum Statsrot eng Diskussioun opkomm, wéi een do am beschte sollt virgoen. Déi Solutioun, déi elo fonnt ginn ass, ass och an eisen Aen, mengen ech, déi richtig.

Et ass, mengen ech, e ganz gutt a ganz wäertvollt Gesetz, wat mer hei stëmmen. Merci.

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci. Domat si mer um Enn vun der allgemenger Diskussioun an d'Wuert huet d'Gesondheitsministesch, d'Madamm Lydia Mutsch.

Prise de position du Gouvernement

► **Mme Lydia Mutsch, Ministre de la Santé.** - Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, an de 70er Joren ass ugekënnegt ginn, dass opgrond vun deene villen Erkenntnisser, déi et deemools gouf am Beräich vun der Hygiène, a mat allen Efforten, déi gemaach gi sinn am Beräich vun der Ëmweltsanierung wéi och wat d'Existenz vun den Antiinfektiva ugeet,

oder och mat deenen neien Impfstoffer, déi op de Maart kommen sinn, ee geschwënn iwwerhaapt keng infektiös Krankheete méi hätt an dass déi esou gutt wéi ausgestuerwe wieren.

Majo haut muss een de Constat maachen, dass dat net agetratt ass an dass de Contraire sech entwéckelt huet. Ech brauch lech hei nëmmen e puer Stéchwierder ze nennen, da wësst Der all, vu wat ech schwätzen: Ebola, HIV, Antibiotikaresistenz, EHEC, alles wat am Zesammenhang mat Liewensmittelsécherheet ass, Salmonellen - den Edy Mertens huet scho Beispiller dovunner ginn -, déi pandemesch Gripp, de Lien tëschent infektiösen Erreger a bestëmmte Kriibsorten, Hepatiten, HPV. Dat sinn alles infektiös Krankheeten, déi erëm un der Spëtzt vun de Surge vun de Länner op där Welt stinn, an dat hätt deemools kee geduecht. An dass mer eis haut an deem Mooss müssen domadder beschäftegen, hat kee virausgesinn.

Et ass natierlech evident, dass déi infektiös Krankheeten eng ganz besonnesch Roll spillen am Verglach zu anere Krankheeten, eleng scho weinst der Iwwerdroungsméiglechkeet op aner Mënschen. Ech wëll elo emol hei d'Méiglechkeet vun der Ëmweltkontaminatioun ausschléissen, obwuel dëst och en Thema ass. Mä eis geet et jo virrangeg elo hei ëm de Gesondheitsrisiko fir de Mënsch a fir d'ganz Gesellschaft.

An dofir si mir och dozou verflucht - an ech wëll do virun allem d'Gesondheitsautoritéiten an d'Responsabilitéit huelen -, fir eis Gesellschaft duerch konsequent Informatiounen a virun allem duerch Präventioun, zum Beispill duerch Impfungen - dat kann een net oft genuch widerhuelen! - ze protegéieren. An natierlech hu mer och eng Obligatioun, fir déi Persounen, déi diagnostizéiert sinn, déi infizéiert sinn, esou schnell wéi méiglech ze behandelen an domadder och ze verhënnern, dass aner Persounen mat concernéiert ginn.

Dowéinst hu mir wierklech d'Obligatioun, fir e komplett System vu Präventioun, vun Iwwerwaachung, vu Kontroll ze assuréieren, ze organiséieren, fir de Bierger maximal ze schützen. Dat ass eng Obligatioun, déi mir och hunn als Land, an et ass eng Obligatioun, déi mir ganz eescht ze huelen hunn.

Elo gi mer also op de Wee, fir d'Dokteren, d'Zänn dokteren an och déi Responsabel vun engem Laboratoire dozou ze obligéieren, se responsabel dofir ze maachen, fir am Kader vun hire Aktivitéit eng Diagnos ze stellen a fir am Kader vun hire Aktivitéit, wa si eng Diagnos stelle vun enger infektiöser Krankheet, dës der Direktioun vun der Gesondheet imperativ matzedeele. Dat ass och wichtig. An et ass och wichtig, dass mer do mobiliséieren an och soen, firwat mer dat onbedéngt exigéieren: well et eben esou wichtig fir d'Gesondheet vun eiser ganzer Gesellschaft ass.

Et ass e richtige Wee, dee mer hei aschloen. An ech mengen och, dass dat heite Gesetz dat Instrument ass, wat eis gefeelt huet, fir op deen dote Wee kënnen ze goen.

Mir hunn hei vun der Rapportrice exceptionnel vill a gutt Detailer zu deem Gesetz kritt an ech wäert se net alleguerter widerhuelen. Ech wëll hir och e grouse Merci dofir soen. Ech wëll vläicht e puer Elementer hei erausgräifen, déi mir besonnesch um Häerz leien, oder fir eng Äntwert op déi Froen ze ginn, déi hei opgegraff goufen.

Den Här Baum huet hei mat Recht drop higewisen - an d'ganz Kommissioun ass mat op dee Wee gaangen -, wéi wichtig et ass, dass mer hei keng Stigmatisatioun virhuelen. Dofir war et och wichtig, dass keen Ënnerschied soll gemaach ginn tëschent de verschiddenen infektiöse Krankheeten am Kader vun der Transmissioun vun den d'Donnéeën. Donnéeë vu sexueller Iwwerdrobare Krankheete sollen esou behandelt gi wéi déi vun aneren infektiöse Krankheeten. All Krankheet soll d'selwecht deklaréiert ginn an d'Donnéeën, déi matgedeelt ginn, sollen och déiselwecht sinn, wat d'Prozedur ugeet. Dëst ass wierklech eng Basisobligatioun, fir keng esou eng Stigmatisatioun ze kréien. Dat ass wichtig.

A mir sinn och e Land, eng Gesellschaft, bei déi déi doten Oplag, déi dote Reflexioun, déi doten Exigenz gutt passt, déi och bei déi Gesellschaftspolitik passt, déi d'Regierung an deene leschte Joren decidéiert huet ze maachen.

Mir ginn also mat deem heite Gesetz op de Wee vun engem neien, ganz effizienten Iwwerwaachungssystem. An zwar gëtt d'Iwwerwaachung vun den infektiöse Krankheeten zentraliséiert. Hei wäert d'Direktioun vun der Gesondheet natierlech eng ganz wichtig Roll spillen, och doduerch, dass se d'Donnéeë regroupéiert an eng besser Iwwerwaachung assuréiert, an domadder kënnen mer eisen europäesche Verflechtungen integral nokommen.

Firwat elo déi latent Tuberkulos an net just d'Tuberkulos als schonn diagnostizéiert Krank-

heet heirenner géif fält, dat war eng Fro, déi d'Madamm Mergen gestallt huet. Ma éischstens, muss een emol soen, gëtt dat am Règlement festgeluecht - domadder si mer amgaangen - an net am Gesetz. Da gëtt déi Lëscht och etabléiert op Avis vum Conseil supérieur des maladies infectieuses. Et läit schonn esou eng Lëscht vir, mä do maache mer elo nach lescht Adaptatiounen, well mer gären um leschte Stand si vun deene Recommandatiounen, déi mer vun den europäeschen Instanzen kréien.

Dann ass et och esou, dass eng latent Tuberkulos eis ganz gutt Indikatioun gëtt, wéi den Degré d'infection vun eiser Populatioun mat deem Bazillus ass. Dat sinn natierlech wichteg Erkenntnisser, déi mer kréien, well dat erméiglecht eis et och, fir ganz cibléiert virzegoe bei bestëmmte Kategoriën vun eiser Populatioun, bei deene mer wëssen, dass, wann eng latent Tuberkulos do ass, da méi eng grouss Probabilitéit do ass, dass et och tatsächlech zu engem Ausbroch vun der Krankheet kënnt. An da wëlle mir natierlech direkt op der Plaz sinn, fir mat Medikamenter deen Ausbroch kënnen ze verhënnern an domat och virun allem d'Ausbreedung vun enger Infektioun am direkten Ëmfeld vun där Persoun ze verhënnern.

Ech wëll elo hei net behaupten, dass all europäesch Land dat esou handhabt, mä et sinn der ëmmer méi, déi et och esou handhaben. An dat ass effektiv d'Erklärung, firwat mer op deen dote Wee ginn.

Da war och hei eng Fro ronderëm d'Meldung iwwer Téléfon. Déi geet iwwert den 112, dat ass och elo schonn esou. An déi geet dann direkt vum 112 aus un de Médecin de garde vun der Inspection sanitaire vun der Direction de la santé. Esou eng Gard gëtt schonn zënter 30 Joer an der Direction de la santé assuréiert. Dat ass vläicht och eng wichteg Informatioun, fir lech haut mat op de Wee ze ginn.

Fir de Rescht, Dir Dammen an Dir Hären, sinn ech immens frou, dass sech hei erausschliet, dass mer eng ganz, ganz grouss Majoritéit hei wäerte kréie fir dat Gesetz, an ech hoffe souguer op Unanimitéit. Et ass wierklech e ganz wichteg Gesetz, fir eis Gesondheitsautoritéite beschtméiglech opzustellen, fir eis et och ze erméiglechen, fir optimal Donnéeën ze hunn iwwert d'Epidemien an domat och kënnen Dispositiounen ze huelen, déi fir de Schutz vun eiser Populatioun essenziell sinn. An dowéinst kënnen mer och hei ouni mat der Wimper ze zucke behaupten, dass mir fir Lëtzebuerg elo en optimale Kader hunn, fir eis den infektiöse Krankheeten entgéintzestellen an eis Populatioun optimal ze protegéieren.

An ech soen lech Merci.

► **Une voix.** - Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo, Président.** - Merci och. An da kënnen mer zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 7160 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 7160 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. Dann d'Procuratiounen. An d'Ofstëmmung ass elo ofgeschloss.

60-mol Jo, mir hunn also Unanimitéit.

Ont voté oui: Mmes Diane Adehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mmes Martine Hansen, Françoise Hetto-Gasch, M. Aly Kaes, Mme Claudine Konsbruck, M. Marc Lies, Mme Martine Mergen, M. Paul-Henri Meyers, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Marco Schank, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler, Michel Wolter et Laurent Zeimet;

MM. Marc Angel, Frank Arndt, Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Alex Bodry, Mmes Taina Bofferding, Tess Burton, M. Yves Cruchten, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen et Mme Cécile Hemmen;

MM. André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Eugène Berger, Frank Colabianchi, Lex Delles, Mme Joëlle Elvinger, MM. Gusti Graas, Max Hahn, Alexander Krieps, Claude Lamberty, Edy Mertens et Mme Lydie Polfer;

MM. Gérard Anzia, Henri Kox (par Mme Viviane Loschetter), Mmes Josée Lorsché, Viviane Loschetter, Sam Tanson et M. Roberto Traversini;

MM. Gast Gibéryen, Fernand Kartheiser (par M. Roy Reding) et Roy Reding;

MM. Marc Baum et David Wagner.

Ass d'Chamber d'accord mat der Dispens?

(Assentiment)



Merci. Dann ass dat esou decidéiert.

Da géife mer zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet de loi 7286, dem Finanzéierungs-gesetz fir de Bau vum Südspidol. An d'Wuert huet d'Rapportrice, d'Madamm Taina Bofferding.

5. 7286 - Projet de loi autorisant l'État à participer au financement des travaux de construction du «Südspidol»

Rapport de la Commission de la Santé, de l'Égalité des chances et des Sports

► **Mme Taina Bofferding** (LSAP), *rapportrice*.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, et ass mer eng grouss Freed, lech haut de Rapport vum Projet de loi 7286 iwwert d'Südspidol ze maachen. An et ass mer eng ganz besonnesch Freed, dat als Escherin däerfen ze maachen.

Streng geholl ass et e klengt Gesetz. Et ass eng Formsaach, well d'Gesetz iwwert d'Établissements hospitaliers et à la planification hospitalière schreift nämlech vir, dass all nei Realisation, wou d'Käschten iwwer 40 Milliounen fir de Fonds hospitalier ausginn, ebe muss iwwer e Finanzéierungsgesetz autoriséiert ginn.

D'Gesetz, wat mer elo stëmmen, huet dofir och nëmmen dräi Artikelen. Et ass awer, an ech mengen, do si mer eis alleguerten eens, trotzdeem e Projet vun enger ganz grousser Enver-gure. Et ass e Mammutprojet:

D'Südspidol wäert nei Standarden an der Kliniklandschaft setzen, dat iwwer eis Grenzen eraus, eng modern Spidolinfrastruktur an engem ganze wäite Radius. Dat neit Spidol ass en innovative Projet um Niveau vun der Organisation, Konzeption an Zukunftsvision, baséierend op enger Visioun vun enger laangfristeger Prise en charge a vun der Santé publique.

Firwat iwwerhaapt en Neibau? Am Virfeld vun der Planung huet eng Zeenarioanalys d'Renovation vun deenen dräi bestoende Kliniken, also Esch, Diddeleng an Nidderkuer, am Verglach zu engem Neibau op enger eenzeger Plaz ënnersicht. Dës Analys huet erginn, dass en Neibau op engem Standuert, bedéngt engersäits duerch déi héich Betrëbskäschte vun deenen dräi Spideeler an anersäits de ganz héije Besoin an zukünftigen Investitiounen an dës, ebe laangfristeg déi manner käschtenopwendeg Variant duerstellt. Mat anere Wieder: Et gëtt am Endeffekt méi bëlleg, en neit Spidol opzerrichten, wéi an déi bestoend ze investéieren respektiv dës ze renovéieren.

Zousätzlech ze consideréieren ass awer och déi duerchschnëttlech Wuesstumsquot vun der Lëtzeburger Bevëlkerung vun 2% d'Joer souwéi déi klammend Notzung vun de medezinnesche Servicer duerch d'Frontalieren.

2011 ass d'Decisioun fir den Neibau gefall, dës virun allem duerch déi Bündelung vun den Aktivitéiten, déi 15% vun de Fonctionnements-käschte pro Joer aspuere wäert. Ganz wichteg an deem Kontext ass och d'Ausso vum Generaldirekter vum CHEM, dem Dokter Hansjörg Reimer, dass et keng Entloossunge wäert ginn. Dës géif duerch natierlech Ofgang an eventuell duerch berufflech Neiorientéierung vu Beschäftegten am Südspidol selwer geregelt ginn.

Dee ganzen Historique, wéi de Projet zustane komm ass, mat all deenen eenzelnen Etappen, déi hannendrunnerhänken, dat ass alles am Exposé des motifs vum Projet de loi nozeliese souwéi och a mengem schrëftleche Rapport.

Dir Dammen an Dir Hären, wat zeechent dës Projet aus? Dozou ziele sécherlech d'Architektur, d'Konzentratioun op engem eenzege Standuert, d'Gebai, d'Raimlechkeeten an dat alles. Ech mengen, dat ass och ganz wichteg an am Sënn vum Patient fir eng besser Behandlung an eng modern medezinnesch Versuer-gung.

Zur Architektur ass ze soen, dass et eng opfallend nei a modern Architektur ass, fir déi et d'lescht Joer am Juli souguer en International Design and Health Award zu Wien gouf. Iwwer-gens gouf de Gewinner vum europäeschen Architekturconcours eestëmmeg vum Verwaltungsrot zréckbehalen, fir, Zitat: „e Spidol vu muer, e Spidol mat enger Séil ze bauen“.

All d'Departementer vum CHEM, déi zurzäit op deenen dräi Sitte verdeelt sinn, ginn also op enger eenzeger Plaz vereent. D'Südspidol wäert aus véier Entitéite bestoen. An eppes, wat méi speziell ass, ass d'Form, déi dräieckeg Gebaistruktur. Déi besteet am Ënneren, also

bannen, nees aus dräi Dräiecker, déi wéi ëm e Krees erëm versat sinn. A genau dat mécht aus deem Projet e Spidol vun de kuerze Weeër.

An deem enge Gebai ass dat eigentlecht Spidol, dat sougenannt „Kärspidol“, ënnerbruecht. An dat mëttelt kommen d'Administration an d'Weiderbildung. Hei wäert och de Centre François Baclesse, den nationale Radiotherapiezentrum, anzeien. An dat drëtt Gebai ass fir d'Geriatric, d'Psychiatric an och d'Rehabilitation reservéiert.

Doniewent wäerten nach en Dokteschhaus an e Parking niewendrun entstoen. Sollt sech spéider emol eng Kéier erausstellen, dass d'Südspidol ze kleng ginn ass, kéint duerch déi separat Gebaiplanung nach en neit Gebai erriicht ginn.

Eng Besonneschheet wëll ech awer och nach gären hei opzielen, ier ech op d'Raimlechkeeten ze schwätze kommen: Am Südspidol ass nämlech e securiséierte Service de soins fir d'Untersuchungshäftlinge vum zukünftigen Verschterhaff vu Suessem virgesinn.

Dann zu de Raimlechkeeten: Déi konzipéiert Raimlechkeete sinn net nëmmen energietechnesch op deem leschte Stand vun der Technik, mä och flexibel, mat optimaler Fonctionnalitéit, a virun allem sollt si e patienten- a mataar-bechterfrëndlecht Ëmfeld offréieren.

An déi kleng Eenzelzëmmer mat Sanitäranlage soll vill natierlech Luucht erakommen, wat en „healing environment“, also en heelend Ëmfeld, schafe soll. Wéi schonns virdunder drop higewisen, wäert déi Bündelung, dee Regroupement dozou féieren, dass méi rational geschafft wäert ginn. Dat ass ouni Zweifel och am Sënn vum Patient. D'Konzentratioun vun alle Fonctiounen op engem Standuert erméiglecht eng optimal Versuergung vun de Patienten, eng optimal Fonctionnalitéit, e patientefrëndlecht Ëmfeld an aarbechterfrëndlechen Entourage.

Erwäne wëll ech awer och nach, dass viru Joren de Standuert, fir d'Südspidol eben zu Esch ze errichten, eestëmmeg am Verwaltungsrot vum CHEM decidéiert gouf. Entscheedend fir dës Choix vum Standuert schwätzt sécherlech dee kuerze Wee zur Uni an déi gutt Verkéiersubannung, sief dat un den ëffentlechen Transport, un d'Autobunn A4 oder un d'Liaison Michéville.

Här President, e groussen Novum sinn d'Eebettzëmmer mat individueller Sanitär-anlage. Am Südspidol wäert et wesentlech méi Eebettzëmmeren am Akutberäich gi wéi elo am CHEM. De viregte Generaldirekter an aktuelle Conseiller vum CHEM, den Dokter Michel Nathan, huet hei vun enger Win-win-Situatioun geschwat. Effektiv, et mécht Sënn, d'Zweebettstruktur opzeléisen. D'Chimiotherapiepatienten oder Patienten, déi schwéier krank sinn, kënnen net mat frësch Operéierten an engem Zëmmer leien. Beispiller fir d'Netkompatibilitéit ginn et genuch. D'Resultat ass awer ëmmer datselwecht: dass ëmmer nees Better fräi bleiwen.

Net d'Zuel u Better ass entscheedend, mä d'Okkupatioun dovunner. D'Tatsaach, dass ee méi Eebettzëmmeren huet, bréngt virun allem dem Patient méi Confort an erlichtert zum Beispill och esou d'Planung, fir d'Zëmmeren ze botzen a fir se och nees direkt duerno kënnen ze beleeden.

E grouse Virdeel ass awer och, dass déi individuell Kummeren et erlaben, dass Familljemembere vu Patienten do schlofe kënnen. Dat wäert och an Zukunft méiglech sinn. An de Patient, an dat wäert e sécherlech och freeën, wäert fir en Eebettzëmmer net méi musse bezuelen.

583 Better stinn zur Verfügung. 80% dovunner wäerte sech an Eebettzëmmer befannen. Aktuell läit den Taux bei 20%. Et si manner Better, wéi der am Moment op deenen dräi Sitte verdeelt sinn, ee Punkt, deen och de Statsrot a sengem Avis opgeworf huet a wou mer och an der zoustänneger Kommissioun driwwer diskutéiert hate mat der Fro, ob d'Unzuel vun de Better duergeet fir déi stänneg steigend Demande an och opgrond vun dem Wuesstum vun der Bevëlkerung an och vun der Alterung vun de Leit.

Fir déi genau Oplëschtung vun de Better verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Wichteg ass, an dorobber huet och déi sozialistesche Gesondheetsministesch higewisen, dass d'Patienten am Mëttelpunkt stinn, wann haapt-sächlech op Eebettzëmmer géif opgebaut ginn. Wéi gesot, dës Planifikatioun schafft méi Flexibilitéit an et kann ee besser op d'Besoine vun de Leit agoen.

Ee Punkt, dee sécherlech vill Leit wäert interesséieren, ass d'Planifikatioun vun der Urgence. Am Sënn vun de Besoine vun de Patienten an enger optimaler Aarbechtsoepdeeling gëtt d'Maison médicale an d'Spidolsgebai integréiert. D'Ambulanz mat Noutfäll sinn an Zu-

kunft vollkomme vun den anere Patient getrennt a krank Kanner ginn an der Urgence vun den Erwuessene getrennt en charge geholl.

D'Urgencé gi méi séier un déi jeeweileg Spezialisten orientéiert, well d'Medezinner méi no beienee sinn a besser zesummeschaffe kënnen. Et wäert eng besser a virun allem eng méi séier Prise en charge garantéiert ginn. Ech mengen, dat ass och e Punkt, deen ëmmer erëm zu Diskussiounen gefouert huet, net zulescht och mat där Analys, déi vun dem Urgencéwiese gemaach ginn ass.

Dës neit Spidol am avantgardisteschen Esprit bréngt net nëmme Positives fir d'Patienten an d'Personal, et gëtt och op e geréngen Energiebedarf opgepasst, op geréng CO₂-Emissiounen, nohalteg Materialien an net ze vergiessen den Accès zum ëffentlechen Transport. Dofir schwätze mer beim Südspidol och vun engem „green hospital“.

Dann elo zum wesentleche Punkt vum Projet de loi, dem Budget: 542 Milliounen, dat sinn d'Gesamtkäschten. 80%, dat sinn ongeféier 433,5 Milliounen, gi vum Stat bezuelt an de Rescht, 20%, vun der CNS. Net abegraff sinn de Parking an d'Gebai fir d'Dokteren. Déi Käschte wäert de CHEM selwer iwwerhuelen. An där staatlecher Subventioun ass iwwer-gens och eng Reserv vun 10% virgesi fir Imprevuen an eng Reserv vun 10 Milliounen fir Équipements médicaux immobiliers.

Dann déi nächst spannend Fro: Wéini rullen d'Baggeren? Et ass geplangt, dass d'Bau-aarbechten am Fréijoer oder spéitstens am Hierscht 2019 ufänken, fir dass dann d'Südspidol seng Dieren hoffentlech 2023 kann opmaachen. Esou ass et zumindest emol geplangt.

Wat geschitt mat deenen anere Sitten? Eng Fro, déi de Statsrot och a sengem Avis opgeworf huet. Ben effektiv, hei wäert ganz vill Espace fräi ginn. Wann ech schonn eleng meng Gemeng kucken, Esch, do bitt sech eng eemoleg Geleeënheet matzen am Zentrum. An de Statsrot schreift hei zu Recht, dass d'Strukturen op deenen dräi Sitten net ongenotzt respektiv net verkomme gelooss solle ginn.

Wat de Site vun Diddeleng betrëfft, goufe scho Gespréicher mat der Associatioun Alzheimer opgeho, well déi interesséiert sinn, d'Struktur ze reafektéieren. De Verwaltungsrot vum CHEM huet zougeséichert, de Kontakt mat de jeeweilege Schafferéit opzehuelen, soubal dës Gesetz dann haut gestëmmt ass.

Här President, wat déi legislativ Prozedur vum Projet de loi betrëfft, verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport. Niewent dem Statsrot gouf de Projet de loi nach vum Collège médical aviséiert, an den Avant-projet détaillé, dat heescht de Bauprojet selwer, gouf vun der Commission permanente pour le secteur hospitalier och nach eng Kéier aviséiert.

Ech fir mäin Deel wëll alleguerten de Mataar-bechter hei aus dem Haus, aus der Fraktioun an och vum Ministère Merci soen, déi mer bei mengem Rapport gehollef hunn.

Ofschléissend wëll ech just nach drop hiweisen, dass hei wierklech massiv an d'Gesondheetsversuergung am Süden, also an d'Bierger vum Süden investéiert gëtt. A wéi heescht et ëmmer esou schéin: Et ass e Spidol vun de Leit fir d'Leit. An dat Wichtegst ass, dass och d'Patienten sech, souwäit et ebe méiglech ass, do kënnen wuelspielen!

Ech hunn ufanks gesot, dass ech mech haut iwwert de Vott vum Südspidol freeën. A nach méi freet et mech, dass mer dat haut och nach wäerten unanime maachen, esou huet et sech emol zumindest an der Kommissioun erauskristalliséiert. An ech soen lech elo scho Merci fir de Support a ginn domadder dann och den Accord vun der sozialistescher Fraktioun.

Merci.

► **Plusieurs voix**.- Très bien!

► **M. Mars Di Bartolomeo**, *Président*.- Merci. Dann huet den Här Jean-Marie Halsdorf d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV).- Merci, Här President. Duerch dës Finanzéierungsgesetz stëmme mer eng Enveloppe vu méi wéi enger hallwer Milliard Euro, fir d'Südspidol ze bauen. De schrëftlechen a mëndlechen Rapport vun der Rapportrice - hir wëll ech Merci soen - waren extensiv an ech wëll och net an d'Detailer vun dem Projet als solchem agoen.

Et wollt awer generell verschidde Feststellungen maachen. Déi éischt ass déi: D'Decisioun, fir dat Südspidol ze bauen, ass vun der leschter Regierung geholl ginn...

► **Une voix**.- Aah!

► **M. Jean-Marie Halsdorf** (CSV).- ...an déi ass dunn eben dee Wee gaangen. An haut kréie mer dann enfin d'Moyenen, fir dës Spidol konkret ze bauen.

Domat ass och d'Iddi, déi emol am Raum stoung, fir eventuell hei zu Lëtzebuerg ee grousst Spidol ze bauen, dat vläicht en universitäre Charakter hätt, och vum Dësch.

Mir hunn also elo, a mir sinn eis däers vläicht nach net esou bewosst, wa mer dat Südspidol hunn, just nach eng Plaz an der Südregioun, wou Spidolsleeschunge gemaach ginn, an net méi, wéi mer et haut nach hunn a fréier nach vill méi haten, dräi Standbeen. Fréier hate mer am Diddelenger Raum, am Escher Raum an am Kordall Spidolsstrukturen.

D'Fusioun gëtt heimat definitiv. Effektiv, et ass déi lescht Etapp vun enger Fusioun. Dës Schrëtt ass also och konform mam Spidolsplang, dee mer hei gestëmmt hunn, dee jo seet, eist Land bräicht véier Centre-hospitalieren: een am Norden, zwee am Zentrum an een am Süden.

Esou e Prozess ass natierlech gewönungsbedürftig, op där enger Säit fir d'Patienten, well mir hunn Diskussiounen dobaussen, well mer elo bei der Ëmsetzung vum Spidolsplang effektiv nuets keng Garde méi hunn, sief dat zu Diddeleng oder zu Nidderkuer. Dat ass net evident. An an Zukunft wäert da wierklech nach just eng Plaz sinn, wou eng ass. An et ass och gewönungsbedürftig fir d'Personal, wat och net weess, ob et zu Esch, zu Diddeleng oder zu Nidderkuer schafft.

Mir hunn also definitiv ee Site. An ech weess, mir hunn et jo och elo héieren am Rapport vun der Rapportrice, dass fir déi zwee aner Sitten, Diddeleng an Nidderkuer, onbedéngt mussen elo direkt Gespréicher geféiert gi mat de Leit, mat den Träger. Ech mengen, do kéint roueg d'Regierung respektiv de Gesondheetsminister sech „aklinken“, wann ech dat därer esou soen, matschaffen, fir do zesumme proaktiv eng Affektatioun fir déi Gebailechkeeten ze sichen am Interêt och vun eiser Spidolslandschaft, wou mir jo un e Gesondheetsplang gleewen, an deen ee vläicht Elementer vun deenen heite Gebailechkeete ka matabauen.

Dës Spidol kritt eng nei Approche, d'Rapportrice huet dat gesot, als „avantgardistesche“ huet se dat souguer beschriwwen. An ee Fakt, deen ech als eng Aart Paradigmewissel géif duerstellen, ass d'Tatsaach, dass an dësem Spidol d'Eebettzëmmer eng Regel gëtt, wou haut éischer d'Eebettzëmmer eng Ausnam ass, oder anescht ausgedréckt, d'Eebettzëmmer kritt een haut am Fong geholl nëmmen iwwert de Wee vun der éischer Klass. An der haiteger Gesellschaft, wann s de haut gären en Eebettzëmmer häss, hëls de eng éischt Klass, da kriss de dat normalerweis. Hei wäert dat net méi de Fall sinn an ech si gespaant, wat fir eng Antworten d'Zukunft eis do wäert ginn. Do wäerte sécherlech Ännerunge kommen. An dat ass also eng fundamental Ännerung, déi mer hei kréien duerch dës Spidol.

E Spidol, dat sinn awer och Maueren. A wat an déi Mauere kënn, dat muss een elo kucken. Wéi dat ka goen, dat hu mer dës Deeg gesinn, Madamm Minister, wéi mer bei de 15 Joer Hôpital Kirchberg waren, déi, mengen ech, hiert Spidol effektiv mat anstännegem Liewe gefëllt hunn. An et muss een och hei kucken, wéi et hei weidergeet. Well dës Gesetz regléiert jo net am Detail, wat an deem Spidol geschitt, mä et setzt just e Kader.

A mengen Ae wäert dat Spidol sech an Zukunft och un deenen „3 Pen“, wéi se och dës Deeg genannt gi sinn, orientéieren:

Mir wäerten eng „precision medicine“ kréien, eng Präzisiounsmedezinn iwwer eng Robotiséierung an de Spideeler, déi am Fong geholl déi grouss Erfahrung vun de Medezinner mat eben der Präzisioun vun der Apparatur wäert koppelen. An esou kënnen mer nach méi präzis a qualitativ besser schaffen.

Mir wäerten eng „personalized medicine“ kréien, wat Dir jo och e wichtige Wee fannt. Dir hutt net fir näischt ënnert der Lëtzeburger Presidentschaft hei zu Lëtzebuerg eng Konferenz ageruff, wou mer iwwer „personalized medicine“ geschwat hunn, wou also de Patient individuell betreit gëtt. Mir hu jo scho Beispiller vun esou enger Aart „personalized medicine“ bei der Parkinsonkrankheet hei zu Lëtzebuerg, wou mer méi wéi eng Dose Forme vun der Parkinsonkrankheet hunn. An en fonction vun der Form vun der Parkinsonkrankheet gëtt een anert Traitement gemaach. Dat ass also eng wichteg Saach.

A last but not least wäert dat Spidol sech och duerch déi sougenannt „predictive medicine“ charakteriséieren. Dat heescht am Fong geholl, d'Aktivitéit vun de Spideeler viraussoen. Dat gëtt et an den USA. Do gëtt gekuckt en fonction vum Wieder, vun der Meteo, vu Grippen-epidemien, vu Schnéifäll an esou weider, wéi